N°3940
Entrée le 08.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Här Finanzminister, Gilles Roth, an vun der Madamm Justizministerin, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n° 3940 vum 20. Abréll 2026 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen iwwert "Ventes aux enchères immobilières"**

1. **Kann d'Regierung den Tableau aus der Äntwert op meng Fro n°1971 mat den Zuelen fir d'Joer 2025 ergänzen?**

Zanter 2019 goufen op ëffentleche Steeën insgesamt 1504 Immobilie verkaf. Dovunner waren 187 Places occupées (bâtiment à habitation, bâtiment en état futur d'achèvement, bâtiment à usage mixte) an 146 Appartementer, verdeelt wéi follegt :

| Joer | **Total Immobilien** (parcelles & lots individuels de diverses natures) | **Parcelles** « Places occupées » | **Lots** « Appartementer » |
|---|---|---|---|
| **2019** | 243 | 26 | 19 |
| **2020** | 207 | 17 | 15 |
| **2021** | 343 | 34 | 15 |
| **2022** | 295 | 37 | 20 |
| **2023** | 141 | 23 | 25 |
| **2024** | 135 | 27 | 23 |
| **2025** | 140 | 23 | 29 |

2. **Wéi vill Steeën vun Immobilien waren am Kader vun enger Vente forcée?**

Am Tableau heidrënner ass d'Gesamtunzuel vu sämtlechen ëffentleche Steeën (*mobilières* an *immobilières*) pro Joer zanter 2019 opgeleëscht:

| Joer | Unzuel vun den ëffentleche Steeën |
|---|---|
| **2019** | 61 |
| **2020** | 41 |
| **2021** | 56 |
| **2022** | 68 |
| **2023** | 59 |
| **2024** | 54 |
| **2025** | 77 |

Den informatesche System vun der Enregistrementsverwaltung erlaabt et aktuell net, just „Ventes forcées" rauszefilteren.

3. **Sinn an dëse Fäll systematesch d'Nimm vun de betraffene Persounen an de Publikatiounen veröffentlecht ginn?**

4. **Ass et gesetzlech obligatoresch, datt d'Nimm vun de betraffene Persounen an esou Publikatiounen mussen dra sinn?**

Jo, et ass gesetzlech obligatoresch, am Kader vu forcéierte Venten d'Nimm vun de betraffene Persounen an esou Publikatiounen ze schreiwen.

Dës Obligatioun steet am Artikel 833, Alinea 1, Punkt 2°, vum *Nouveau Code de procédure civile*:

*« Art. 833.*

*Quinze jours au moins avant l'adjudication, le notaire commis fera insérer dans un journal publié dans le Grand-Duché un extrait, français ou allemand, signé de lui et contenant :*

*1° la date de la saisie et de sa transcription ;*

*2° les noms, professions et demeures du saisi, du saisissant et de l'avoué de ce dernier ;*

*3° la désignation des immeubles, et leur situation avec le numéro et la contenance cadastrale ;*

*4° l'indication du tribunal où la saisie se poursuit, du notaire commis et des jour, lieu et heure auxquels l'adjudication aura lieu.*

(…) ».

5. **Wäert d'Regierung op de Wee goen, fir eng anonymiséiert oder reduzéiert Publikatioun méiglech ze maachen, wou d'Nimm vun de Betraffene net publizéiert ginn? Falls nee, firwat net?**

D'Publikatioun vun dësen Donnéeën ass wichteg, fir d'Identifikatioun vun der Persoun ze erlaben, a Verwiesslungen ze evitéieren.

Si erlaabt et och méiglech aner Creanciere vun der betraffener Persoun iwwer d'Prozedur z'informéieren, fir datt si gegeebenefalls och kënnen hir Rechter geltend maachen.

Dowéinst ass dës Publikatioun wichteg fir d'Rechtssécherheet.

Lëtzebuerg, den 8. Juni 2026
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth